

# Rapport vun der CCSport 4/2022

## Presenzen

Present	Net present
<b>Nicole, Patrick, Joske, Pit, Miguel, Pier an Joe</b>	<b>Marcel, Mich, Manou an Anny (alleguerten entschëllegt)</b>

## Punkt 1 : Usproch vun der Presidentin

D'Nicole begréisst all d'Memberen vun der Kommissioun.

## Punkt 2 : Unhuelen vum leschten Sätzungsbericht

De Sätzungsbericht vum 23.März 2022 gëtt unananim vun der CCSport ugeholl.

## Punkt 3: Feedback Schnuppercours Badminton+Personaltrainerin(Tania)

Beim Badminton waren am Ganzen 21 Persounen present, déi aktiv um Schnuppercours deelgeholl hunn. 7 Erwuessener an 14 Kanner.

Den éischten Schnupperdag, respektiv Schnuppercours waren sie zu 3 diploméierten Traineren do, vu datt et schweier war, virauszegesinn, wéivill Leit vun der Méiglechkeet vum Schnuppercours profitéieren. Zousätzlech müssen mir mat den Traineren nach erausfannen, firwat d'Participanten iwwerhaapt do waren! Dat wëll heeschen, sinn sie komm fir eppes bäizeléieren oder sin d'Leit just komm fir Matcher géinteneen ze maachen, respektiv fir de Spass um Sport!?

An noher Zukunft brauchen mir demno een Feedback , datt mir wëssen, wéivill Badmintontrainer Sënnvoll an eisem Fall wieren.

Oder brauchen mir iwwerhaapt Traineren?

Personaltrainerin Tania Thiel huet den 1. Schnupperdag 3 verschidden Coursen ugebueden. An dësen Coursen, wou hat spezifesch Yoga an Mobilitéit präsentéiert huet, waren insgesamt 22 Participanten opgedeelt op déi 3 Coursen.

Dës Coursen kann d'Tania je nach Bedarf vun liicht bis schweier variéieren, dat heescht all Mënsch kann matmaachen, trainéiert an ontrainéiert vun aal bis jonk.

D'Anny hat am Viraus d'Fro gestallt(vu datt hat net konnt an d'Versammlung kommen), ob et méiglech wier, fir een Automat ze lounen, datt d'Elteren respektiv d'Leit déi op d'Participanten waarden sech eppes aus dësem Automat kënnen huelen.

De Joske freet mol een Devis un, wat dat Ganzt géif kaschten.

Dozou bléiwen awer Bedenken, vu datt an eiser neier Sportshal, Restriktioun, wat d'Gedrénks an d'lessen ugeet, relativ stréng sinn (wat och gutt ass). Zum Beispill därf näischt(lessen an Gedrénks) mat op d'Tribune geholl ginn, wat dann am Endeffekt schweier ze kontrolléieren ass. Dat misst och nach affichéiert ginn.

Wann de Schafferot eng aner Iddi huet/hätt, mir als CCSport sinn oppen fir all Virschlag. Et geet jo och ëm d'Vermaartung vun eiser Gemeng an eiser neier Sportshal, respektiv de Sport deen

mir eventuell an Zukunft an der Hal ubidden.

Mir hunn mol provisoersch festgehaal, ween vun der CCSport, Samschdes op deenen verschiddeenen Schnupperdeeg present soll sinn

- 1) 26.März 2022( Joske, Miguel)
- 2) 02.Abrëll 2022(Pier, Joé)
- 3) 09. Abrëll 2022(Anny)
- 4) 16.Abrëll 2022(Anny, Manou)

Wéi soll et no eisen Schnuppercoursen weidergoen?

Mir sollen/mussen d'Präisser festleeën, wéivill d'Participanten fir ee Cours bezuelen müssen.

(Memberen vun der CCSport waren mam Excel-Tableau vum Marcel averstan deen am Sätzungsbericht 03/2022 an der Spéngel hänkt)

De Manou krutt verschiddeenen Froen zougeschéckt, wou mir als CCSport net kënnen drop äntwerten.

Dës Froen annexéieren mir an der Spéngel fir datt d'Gemengenresponsabel eventuell eng Äntwert dorobber kënnen ginn.

## **Punkt 4: Nuit du Sport (11.Juni 2022)**

Bis elo hunn 3 Veräiner sech bei der Gemeng ugemellt.

- 1) Bididu
- 2) Us Béiwen
- 3) Schéissclub

De Programm fir d'Nuit du Sport soll bis den 11.Mai 2022 stoen, respektiv fäerdeg sinn.

De Joske, de Pier an ech(Joe) sinn Kontaktpersonen vun der CCSport, wann et ëm d'Nuit du Sport geet.

Mir missten eis an der 16.Kalennerwoch 2022 mat de Veräiner zussammensätzen fir iwwert den Oflaf ze schwätzen.

## 5) Verschiddenes

Den 7. Mai 2022 soll d'Sportleréierung an der Sportshal ofgehal ginn.

D'Gemeng deelt d'Flyeren mat deenen aktuellen Krittären un all Haushalt vun der Gemeng „Helperknapp“ aus.

D'CCSport setzt sech dann zesummen an iwwergëtt duerno dem Schäfferot d'Lëscht mat den Kandidaten, déi sech gemellt hunn an déi och zeréckbehaalen goufen, respektiv d' Krittären erfëllen.

Wat déi nächst Sportleréierung ugeet, ginn d'Krittären NO dëser Sportleréierung iwwerschafft.

De Joske informéiert d'CCSport, datt de Charel Grethen am Zesammenhang vun dëser Sportleréierung géiert soll ginn, dëst Opgrond vun senger formidabler Leeschtung bei Olympia „TOKYO 2020“, wou hien an der Final iwwert 1500 m, déi gutt 12ten Plaz erlaaf huet.(realiséiert 2021)

Déi nächst Versammlung ass fir den 26.Abrëll ëm 19h30 zu Brouch an der Koll geplangt.

Joe Heinz

Sekretär vun der CCSport